N°4460
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart gehéiert zu de Strecken, op deenen et zënter Jore reegelméisseg zu schwéieren an déidleche Verkéiersaccidenter kënnt. De leschten trageschen Accident vum 31. Mee 2026, bei deem e Mann no engem Zesummestouss mat engem Bam ëm d'Liewe komm ass, huet d'Diskussioun iwwert d'Sécherheet op dëser Streck nees nei opkomme gelooss.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°4225 vum 10. Juni 2026 huet d'Madamm Ministesch eng detailléiert Analys vun der Situatioun op der N7 an der B7 tëscht Schieren a Wäiswampech virgeluecht, dorënner Accidentstatistiken, Trafficksdonnéeën an Informatiounen iwwer e geplangte Reamenagement. Et schéngt elo ubruecht, och fir d'N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart eng gläichwäerteg Analys op méiglech Infrastrukturverbesserunge virzeleeën.

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Verkéiersaccidenter sinn zënter 2015 op der N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart registréiert ginn? Kann d'Madamm Ministesch eng Opstellung pro Joer virleeën, ënnerdeelt no der Gravitéit vum Accident (liicht blesséiert, schwéier blesséiert an déidlech), analog zu den Donnéeën, déi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°4225 fir d'N7 an d'B7 presentéiert goufen?

2. Wéi vill Persoune sinn zënter 2015 op dëser Streck bei Verkéiersaccidenter ëm d'Liewe komm? Wéi verdeelen sech dës Accidenter geographesch iwwer d'Streck, a sinn eenzel Abschnitter vum Ministère oder vun der Police als "points noirs" identifizéiert oder klasséiert?

3. Wéi vill Camionen a Camionnette waren zënter 2015 an de Verkéiersaccidenter op der N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart impliz éiert? Kann d'Madamm Ministesch dës Donnéeë pro Joer opgeschlësselt an ënnerdeelt no Camionen a Camionnette virleeën?

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

4. Wéi huet sech d'Verkéiersopkommes op dëser Streck zënter 2015 entwéckelt? Kann d'Madamm Ministesch déi duerchschnëttlech deeglech Verkéiersbelaaschtung pro Joer uginn, souwéi den Undeel vun de Camionen an, wann disponibel, den Undeel vum grenziwwerschreidenden Transitverkéier a Richtung Wämperhaart a Belsch?

5. Ass fir d'N12 tëscht Wooltz an der belscher Grenz op der Wämperhaart e Reamenagementsprojet an Ausschaffung oder a Planung, vergläichbar mat deem, deen d'Regierung fir d'N7 an d'B7 decidéiert huet? Wa jo, wéi eng konkret Moossname si virgesinn a wéi gesäit de geplangten Zäitplang aus? Wa nee, ass d'Madamm Ministesch bereet, d'Ausschaffe vun esou engem Projet a Betruecht ze zéien?

Mat déiwem Respekt

Ben Polidori
Deputéierten

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu